PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
07 JAN. 2020
1662

Lëtzebuerg, den 07/01/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Konsumenteschutz weiderzeleeden.

Ee Client, deen zu Lëtzebuerg een Abonnement fir Telefon an Internet kafe wëll, huet de Choix tëschent verschiddenen Ubidder a verschiddene Flatraten, déi jeeweils verschidde Servicer beinhalen. Esou existéieren Abonnementer, bei deenen de Konsument kann illimitéiert uruffen, SMSe verschécken an am Internet surfen. Et ginn awer och Flatraten, bei deenen dës Servicer op ee fixe Montant begrenzt sinn, wou et dem Konsument awer fräi iwwerlooss ass, méi Donnéeën ze verbrauchen de Moment, wou hien d'Limitt vu sengem Abo eréecht. Dës Zousazleeschtunge kritt de Client dann um Enn vum Mount verrechent.

Verschidden Telekomsentreprisë bidden hire Clienten an dësem Zesummenhang eng Sperrfunktioun un, déi dofir suergt, dass de Client net méi Uriff maache kann an och keng weider Online-Donnéeë ka verbrauchen, wéi a sengem Kontrakt virgesinn sinn. Dës Spär gesinn d'Entreprisen awer als Service an esou muss de Client bezuele wann hie wëll, dass dës automatesch Spär gräift.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Ass d'Madamm Ministesch fir Konsumenteschutz der Meenung, dass dës Aart vu Spären dem Client käschtefräi missten ugebuede ginn?

2. Wär et net am Sënn vum Konsument, dass hien der Telekomsentreprise säin explizitten Accord misst ginn, am Fall wou hien seng Daten iwwerschreit an hien och an dem Moment iwwert déi méiglech ufalend Käschten direkt informéiert gëtt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Protection
des consommateurs

La Ministre

Dossier suivi par : Nadia Djebbar
Tél.: 247-73726
Mail: nadia.djebbar@mpc.etat.lu
Dossier : MPC-QP-1662

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
07 FEV. 2020

Monsieur Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation
L-2450 bd. F.-D. Roosevelt

Luxembourg, le 6 février 2020

Objet: Question parlementaire n° 1.662 « Abonnements de télécommunications » du 7 janvier 2020 de Monsieur le Député Marc Goergen

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire n° 1.662 « Abonnements de télécommunications » du 7 janvier 2020 de Monsieur le Député Marc Goergen.

Paulette Lenert

Äntwert vun der Madamm Paulette Lenert, Konsumenteschutzministesch op d'parlamentaresch Fro N°1.662 Abonnements de télécommunications vum 7. Januar 2020 vum Deputéierten Marc Goergen

Dem honorabelen Deputéierten seng Fro betrëfft esou wuel d'Späre vun elektronesche Kommunikatioune beim Iwwerschreide vun deem am Kontrakt fixéierte Volumen, wéi och eng allgemeng gratis Informatioun fir de Konsument, falls hien un d'Limite kënnt.

Et ass effektiv esou, dass dës Informatioun iwwert d'Limite net an den allgemengen Informatioune fir den « Utilisateur final » am Artikel 72 vum modifizéierte Gesetz vum 27. Februar 2011 « sur les réseaux et les services de communications électroniques » virgesinn ass. Et ass domat ee Service, deen ee Supplement duerstellt, an domat och kann als Fraisen un de Konsument weidergereecht ginn. Ech sinn der Meenung, dass dat ze vertrieden ass, ëmsou méi all Eenzelen iwwert säi GSM oder Smartphone ka kucken, wéi et mat der Utilisatioun vu sengen Donnéeën ass, an et och um Site vum ILR bei de frequently asked questions (FAQ) weider Informatiounen dozou ginn.

D'Konsumente sinn sech der Méiglechkeet vun der Spär duerchaus bewosst a si gëtt jo och vu villen Eltere fir den Handy vun de Kanner agesat. Et ass deemno och um Konsument, dës Spär fir sech selwer ze froe falls hien säi Forfait op kee Fall wëll iwwerschreiden.